LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2993 vum 6. Oktober 2025, vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement zum Sujet "Difficultés d'obtention d'un titre de séjour malgré un emploi stable".

1. Wéi vill Fäll sinn dem Ministère bekannt, wou Persounen trotz enger fester Aarbechtsplaz keng Openthaltsgeneemegung kréien?

Et ass net ëmmer kloer wéini een vun enger ‚fester' Aarbechtsplaz ausgoe kann, oft sinn d'Leit déi an der Illegalitéit schaffen och net korrekt beim Centre commun vun der Sécurité sociale affiliéiert.

2. Wat sinn déi heefegst administrativ oder juristesch Grënn, firwat Persounen trotz enger Vollzäitbeschäftegung keng Openthaltsgeneemegung kréien?

Den Artikel 39 vum Immigratiounsgesetz vum 29 August 2008 gesäit vir dass eng Openthaltsgeneemegung muss ugefrot ginn ier den Drëttstaatler an d'Land kënnt: « *La demande […] doit être introduite par le ressortissant de pays tiers auprès du ministre et doit être favorablement avisée avant son entrée sur le territoire. La demande doit sous peine d'irrecevabilité être introduite avant l'entrée sur le territoire.* »

Leit déi weider schaffen, obwuel si eng Decisioun de retour kritt hunn an d'Land missten verloossen an sech illegal hei ophale kënnen keng Openthaltsgeneemegung kréien. Eng Vollzäitbeschäftegung eleng geet net duer fir eng Openthaltsgeneemegung ze kréien.

3. Wéi eng konkret Mesuren huet de Ministère virgesinn, fir dës administrativ Hürden ofzebauen an de Prozess vun der Openthaltsgeneemegung ze vereinfachen?

Et ass net virgesinn den Artikel 39 ofzeänneren, vu dass des Bestëmmung et erlaabt de Fonctionnement vum Lëtzebuerger Aarbechtsmarché an notamment d'Priorité à l'embauche fir Lëtzebuerger an EU-Bierger ze garantéieren.

Den Artikel 42 vum Immigratiounsgesetz gesäit vir, dass d'ADEM virun der Embauche vun engem Drëttstaatler en Test du marché (de l'emploi) mécht fir ze kucken ob de fräien Poste vun engem Lëtzebuerger oder EU-Bierger, dee bei hinnen ageschriwwen ass, besat ka ginn.

4. Gëtt et eng Evaluatioun vun der aktueller Praxis, fir ze garantéieren, datt d'Prozeduren am Aklang mat den Ziler vun der Integratiounspolitik stinn?

D'Prozedure stinn am Aklang mat der Integratiounspolitik fir Drëttstaatler, déi sech un d'Reegele vun der Immigratioun halen.

5. Wéi eng Méiglechkeeten existéiere fir Persounen, déi sech an dësem "Däiwelskrees" befannen, fir eng Léisung fir hir Situatioun ze fannen, a wéi ginn dës Persounen doriwwer informéiert?

Et sinn Ausnamen zum Prinzip vum Artikel 39 am Immigratiounsgesetz virgesinn, notamment an den Artikelen 78 an 89. Grondsätzlech ass et awer e Problem wann Drëttstaatler sech net un d'Reegelen halen an ouni Autorisatioun respektiv an d'Land kommen oder ufänke mat schaffen.

Donieft gëtt et d'Méiglechkeet eng Regularisatioun via de „Forum ONG“ unzefroen. A Fäll wou et net verhältnesméisseg wier d'Leit an hiert Land zeréckzeschécken kann et, no enger individueller Analyse, zu enger Regularisatioun iwwer d'Aarbecht kommen. Vun 2021 bis 2024 goufen esou 156 Persoune regulariséiert.

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden